

Groussregioun

Bei de Cusanus op d'Uni

Auteur: Marc Jeck



Kee Campus, mä déi histoersch Maartplaz ass Sëtz vun der Cusanus-Uni zu Bernkastel
© Marc Jeck

E Samschdeg, 17. Oktober war bei eisen däitschen Noperen op der Musel d'Ouverture vun enger neier Uni - der Cusanus-Hochschule zu Bernkastel-Kues.

Wann een un eng Universitëit denkt, da kommen engem e sëllege Biller an de Kapp vu grouse Gebaier op engem net manner grouse Campus, iwweffëllte Säll an dausende Studenten. Anescht ass dat bei der Cusanus-Uni op der Mëttelmusel.

D'Raimlechkeete sinn op engem Stack an der Gemeng, matten am histoeresche Kär vu Bernkastel, ënnerbruecht. De Sëtzungssall vum Gemengerot, wou och de Wope vu Lëtzebuerg un der Mauer hänkt, ass ee vun de Reim, déi als "Hörsaal" genotzt ginn. D'Seminaire fir d'Masterstudente si fir 15 bis 20 Persoune konzipiéiert.

Et ginn zwee Studiegäng ugebueden - e Master a Philosophie an e Master an der Economie. D'Nächst Joer soll een an dese Fächer och e Bachelor kënnen maachen.

Klengt Format, grouss Froen

Et ass eng Uni an engem klengen Format, mä déi sech groussen, gesellschaftsrelevanten Themen unhëlt. "Wir wollen zurück zum klassischen Universitätsideal, weg von den Bologna-Zwängen mit denen Hochschulen heutzutage zu kämpfen haben. Wir sind ein Experiment als Frage an die Gesellschaft", sou de Vizepresident vun der Cusanus-Hochschule Prof. Dr. Harald Schwaetzer, deen d'Uni mat initiéiert huet.



Am Gescht vum Nikolaus vu Kues steet déi nei Uni fir eng kritisches Auseenansetzung mat der Gesellschaft am 21. Jorhonnert
© Marc Jeck

Als Virbild fir des nei Héichschoul fungéiert den universellen Denker a Pionier a Saache Mënscherechter: den Nikolaus vu Kues (1401-1464), deen am heitege Bernkastel-Kues op d'Welt kouw an do och en Hospice gegrënnt huet no der Devise "Fräiheet, Gläichheet a Bridderlechkeet" - "an dat 330 Joer virun der Franséischer Revolutioun", ënnersträicht de Philosophie-Professor Harald Schwaetzer, deen de Cusanus alias Nikolaus vu Kues als "groussen EU-Architekt" bezeechent. Sou zitt sech dann d'"Studia humanitatis", wéi se zur Zäit vum Cusanus en vogue war, wéi e roude Fue dem duerch déi zwee Studiegäng Philosophie an Economie.

Lëtzebuurger Studenten zu Bernkastel erwünscht



"Mir wëllen och Lëtzebuurger als Studenten oder auditeur libre op Bernkastel kréien", sou de Prof. Dr. Harlad Schwaetzer, Vicepresident vun der Uni
© Marc Jeck

D'Cusanus-Hochschule ass eng Plaz, wou sech Studente mat urphilosophesche Gesellschaftsfroen auseerneeetze kënnen am Sënn vun enger universaler Bildung. "Wir wollen Querdenken kultivieren und gesellschaftsrelevante Inhalte in Forschung und Lehre integrieren", sou de Vizepresident vun der Uni, deen et begrëisse géif, wann och Lëtzebuurger de Wee op Bernkastel an d'Cusanus-Hochschule fanne géifen.

"Luxemburg befindet sich im Einzugsgebiet unserer Hochschule", seet de Philosophie-Professor a betount, datt e Seminaire zum Thema vum Edward Steichen senger Fotoausstellung "Family of Man" ugebuede gëtt - mat engem Ausflug op Klierf an d'Schlass.

Déi nei Uni ass mat groussen Universitëiten an Europa vernetzt, sou wéi och de Cusanus sech fir e vernetzt Europa agesat huet. Interessant ass och datt et e Studente-Club virun der eigentlecher Grënnung vun der Uni zu Bernkastel gëtt. Am ganze ginn déi nächst Joren eng 300 Studenten zu Bernkastel-Kues erwaart, déi der touristescher Héichbuerg op der Musel en neie kulturelle Stempel opdrécke wäerten. "Back to Cusanus" wäert et heeschen. Eng Rei öffentlech Veranstaltungen wäert d'Uni dann och am Gebuertsuert vum Nikolaus vu Kues organiséieren.

Méi Detailler iwwert d'Cusanus-Hochschule, déi vun Akademiker gegrënnt gouf, fënnt een um Internetsite: www.cusanus-hochschule.de

